N°4078
Entrée le 22.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

# Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel, Xavier Bettel, op d'parlamentaresch Fro n°4078 vum 11. Mee 2026, deposéiert vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen

**1. Huet de Lëtzebuerger Staat am Kader vun dësem Dossier Käschte fir Fluchbilljeeën, Rapatriementer oder aner Käschten am Zesummenhang mat dësem Dossier iwwerholl?**

**2. Falls jo,**

- **wat huet dëst de Staat bis elo kascht?**
- **ginn dës Käschten integral vum Staat bezuelt oder gëtt eng Participatioun oder ee Remboursement vun de betraffene Persoune gefrot?**

Am Géigesaz zur Ausso an der Fro, a wéi an der Seance publique vum 30. Abrëll an der Chamber erwäänt, huet kee Lëtzebuerger Staatsbierger un dëser *„Global Sumud"* Flotilla deelgeholl. Am Kader vun dësem Dossier gouf et keng Käschten fir de Lëtzebuerger Staat.

Lëtzebuerg, den 22. Mee 2026

Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel